

## **Discours de François Reinert**

à l'occasion du vernissage de l'exposition «1867. Luxembourg  
– ville ouverte» au Musée Dräi Eechelen

11.05.2017

**Seul le discours prononcé fait foi**

Dir Damen an dir Hären, leif Eierengäscht,

als delegeierten Direktor, a souzesoen als Festungskommandant, ass et mer eng Freed, fir iech an der Ausstellung 1867. Luxembourg, Ville ouverte ze bregreissen.

Jo, dir sid richtig hei, an der Ausstellung iwert den Londoner Vertrag ! Ma firwat heescht se dann net esou ? Ma mer wollten eis virun allem mat senger Haaptkonsequenz, der Schleefung vun der Festung, beschäftegen. Dat war, fir et mat der Madame Bourgemeeschter ze soen, die zweet Gebuert vun der Stad Letzebuerg. Elo hat d'Land endlech eng Haaptstadt ganz fir sech alleng, ouni Festung.

Op der Invitatioun ass d'Stadt Letzebuerg ze gesin, vum Nicolas Liez 1870 gemolt, esou wie mer se haut nach kennen. Mat engem Ennerscheid : Dei impressionant Fortificatiounen vum Bock, dei op der aaler Grofenburg, dem Ursprung vun der Letzebuenger Dynastie, gebaut gin sin - se stin nach !

Jo wie as dat dann meiglech ? Ass dann net 1867 am Artikel V decideiert gin „ *de convertir la dite place forte en ville ouverte, au moyen d'une démolition* » ? An elo steht hei, drei Joer dono, nach emmer eng vun den Haaptfortificatiounen. Ass dei Sach net serieux genug gehol gin? Ma genau dat war den Androck vun Frankreich a vun Deitschland.

Op der anerer Seit vun der Stadt, um Front de la Plaine, waren d'Arbechten zwar schon ofgeschloss, d'Stadt war op, die nei grouss Strossenaxen (Marie-Thérèse, Monterey, Emile Reuter, Porte-Neuve) schon gebaut, an d' Lotissementer an de Parc vun der Kinekswiss schons geplangt.

Dat war zwar secher dat, wat fir d' Bierger am wichtegsten war, ma et war net dat, wat eis deitsch a franzeisch Noperen am meeschten erwart hun. Hirer Meenung no wär einfach gewiescht, d'Festung nees opzebauen, well all die modern Forten –wie och den Fort Thüngen hei - ronderem d'Stadt nach stongen. Letzebuerg hätt esou kennen an den Krich vun 1870 mat erangezun gin, och weinst der strategescher Bedeitung mat den villen Eisenbunnslinien die hei zesummen laafen. Eis Neutraliteit stong demols um Spill.

Ma esou seier ass dat eben net gangen, fir 400 Joer Festungsgeschicht an den Koup ze geheien. Milliounen Kubikmeter hun missen mat der Hand bewegt gin, och wann een dann a wann spektakulär Sprengungen gemach huet. Esou sollt et nach bis 1883 daueren, bis d'Schleefung offiziell färdeg war.

1876, 1880, 1881, 1883 sin preisesch an franzeisch Offizeier kucken komm, ob Letzebuerg och wirklech den Londoner Vertrag geiv erfellen. An all Keier ass nees e Steck Festung mei verschwonnen, och Monumenter wie den Fort Charles –haut steht den Theater drop - den Bock, d'Porte Neuve die sollten gehal gin. Dess exzessiv Zersteuerung huet d'Leit an der Stadt arrangeiert. Et hat een es einfach genug domadder, et wollt en sech nees frei beweegen kennen a Kommerz machen. Weg mat den aalen, fichten, onhygieneschen Maueren. Waren net nach 1866 3 % vun der Bevölkerung un Cholera gestuerwen ?

D'Dräi Eechelen, en Deel vun dem groussen Fort Thüngen den 1732 an 1837 gebaut gin war, war een vun den raren Festungsdeeler, die deemols stoen bliwen sin. Seit 2000 ass hei

souguer nees opgebaut gin, an domaddeer hun mer am Fong geholl den Traité gebrach. Get dann net am selwechten Artikel V versprach : *SM le Roi Grand-Duc promet en outre que les fortifications de la Ville de Luxembourg ne seront pas rétablies à l'avenir.*

Dir kennt iech virstellen, wei erfeiert mer waren, wei sech d'Représentanten vun den HPC fir d'Commemoratioun vum Traité de Londres hei am M3E ugemellt hun. Voilà, Här Staatsminister, elo sin mer am flagrant délit erwescht gin. Jo, mer hun nees opgebaut, ma et war fir friedlech Zwecker. Den Festungsmusee, den dest Joer sein 5. Gebuertsdag feiert, leiht ewell am Zentrum vun dem Parc Dräi Echelen, den iwert den aalen Festungwierker ugelued gin ass, a geschoss get hei just nach Nationalfeierdaag. A wei gud mer ofrappen kennen, dovunner kennt der iech an der Ausstellung iwerzegen.

Losst mech nach kurz denen Leit merci soen, dei d'Expositioun ennerstetzt hun.

Eisen Prêteuren: den Charel Munchen, d'Famile Marschall-Luja, d'Famille Servais, den Marc Besch, d'Famille Jordan, den Guy May.

Eisem Partner, dem Nationalarchiv, speziell der directrice, dem Josée Kirps, an dem conservateur Philippe Nilles, an dem Evi Bange vun den Archives municipales.

Dem Ministère de la Culture, an hei speziell dem Här Lacour.

Dem Graphiker Arnaud Hanon fir sein Engagement, an dem Romain Goerend fir seng Interpretatioun vum Prenz Henri.

E speziellen Merci u meng Matarbeschetr, dem Simone Feis, dem Cecile Arnould, an dem Änder Bruns, die elo mat lech an d'Ausstellung gin, dei des Keier um RdC ass, well d'Hauptsteck, d'bronzen Maquette, einfach ze schweier war, fir se erop ze transporteieren.